

Iwwert der Lieder

1. Eng schlecht Noriicht

Dem Michelle séng Elteren si bei der Joffer an der Schoul.

Joffer: Also dir Herrschaften, wann Äert Michelle esou weiderfiert, da wäert hatt dëst Joer net packen!

Mamm: Dir mengt, datt eist Michelle sëtzebleift?

Joffer: Jo Madame, et gesäit net gutt aus. Dir gesitt dem Michelle séng Prüfunge jo, do war dëst Trimester nach keng Genügend derbäi!

Mamm: Ma wat solle mir da nëmme maachen! An dann d'Noperen eréischt! Déi wäerten sech jo d'Maul zerräissen, wann déi gewuer ginn, datt eist Michelle d'fenneft Schouljoer nach eng Kéier maache muss!

Papp: Ma säi Schoulmeeschter vum leschte Joer sot, hatt wir guer net esou domm, just e bëssen ... wéi sot en ëmmer ... hatt wir verdreemt!

Joffer: Verdreemt! Dat ass gutt gesot! Äert Michelle ass lidderech wéi all näischt Gutts! Ni huet hatt séng Aufgab, ni huet hatt eppes geléiert, a wann hatt an der Klass soll en Exercice schreiwen, dann ass hatt ëmmer dat lescht. Ni weist hatt de Fanger, mat sénge Gedanken ass hatt ëmmer anzwousch anescht! Säi Rechenheft hunn ech schonns zënter zwou Wochen net méi gewise kritt! Dat ass net verdreemt, dat ass fäul, fäul am Carré, mäin Här! Do ass Äre Stevie ganz anescht!

Mamm: Do hutt Der Recht. Eise Stevie ass emol e feine Jong! Dien huet séng Augabe fäerdeg ir mäi Mann doheem ass. Mee wat solle mir da nëmme mat eisem Michelle maachen, Joffer! Mir wëssen eiser Hänn kee Rot méi!

Joffer: Do hëlleft just nach absolut Strengheet! Ass Äert Meedchen an engem Veräin?

Papp: Jo, hatt geet gäre Futtball spillen!

Joffer: O mei! Och nach Futtball, e Meedchen am Futtball, dat ka jo näischt ginn! Dir musst hatt direkt do erausmellen! An da net méi virun d'Dir! Just nach léieren, léieren, léieren!

Mamm: Dat ass gutt gesot, Joffer, déi do Method gefällt mir! Da brauche mir jo näischt ze maachen: hatt muss just nach léieren, léieren, léieren!

Papp: Äddi Joffer, a villmools merci fir dee gudden Tipp, léieren, léieren, léieren!

Si soen der Joffer Äddi a maachen sech op den Heemwee.

Mamm: Ah, Néckel, ech sinn iewer frou, datt eist Michelle esou eng streng a gutt Joffer huet! Just nach léieren, léieren, léieren, a mir brauchen eis net méi em hatt ze bekëmmere!

Papp: Géi du alt schonns heem, a vernenn d'Michelle emol zerguttst! Ech hunn ... ehem ... en zimmlech dréchene Mond kritt vun dier Schoulatmosphär. Ech mengen, ech gi nach séier bei d'Liliane e Mini drénken. An du weess jo, just nach léieren, léieren, léieren!

Mamm: Mee nëmmen een, Néckel!

Papp: Nëmmen een!

De Papp ass hannert dem Rido verschwonn an d`Mamm kënnt heem an d`Kichen. Fir d`éischt mécht si de Fernseh un. Et leeft eng Talkshow.

Mamm: Michelle, Michelle, wou stéchs du nëmmen ëmmer? Wann een dech brauch, bass du ni do!

Stevie: *Hie sëtzt an der Kichen a kuckt de Fernseh.* Moie Mama, wéi geet et?

Mamm: A moie Stevie, mäi Jong. Mir geet et net gutt. Mir waren elo just bei der Joffer, a si seet näischt Guddes vun eisem Michelle.

Stevie: Dat wonnert mech net!

Mamm: A wat soll dat dann heeschen?

Stevie: Ma d'Michelle kritt eng Strof op déi aner. Hatt léiert näischt a schreift näischt. Mir schwätzen net méi mat him.

Mamm: D'Joffer sot, hatt ging sëtzebleiwen.

Stevie: Ma dat ass him emol gutt!

Mamm: A wou ass d'Michelle dann?

Stevie Ech weess et net. Wéi hatt heem kouw, ass et direkt op séngem Zëmmer verschwonnen.

Mamm: Michelle, Michelle, komm erof!

D'Michelle spréngt an d'Kichen. Hatt gesäit net aus, wéi ee verdreemtent Kand.

Michelle: Moie Mamm, hei sinn ech. A wéi war et an der Schoul, wat sot d'Joffer?

Mamm: An du ënnerstees dech nach esou mat mir ze schwätzen? Du lidderecht Dëppen! Mee waart, wann de Papp bis heem kënnt ... dee wäert dir scho weisen, wou de Bock d'Lach huet! Da ginn emol ganz aner Säiten hei opgezunn. Du bass dat Lidderechst, dat d'Joffer jeemools an hirer Klass hat! Et muss een sech jo schumme mat dir! An dann d'Noperen eréischt! Déi wäerten sech d'Maul schéin zerräissen! Mee elo geet et anescht! Et gött nach just geléiert, geléiert, geléiert!

Michelle: Ma esou schlecht sinn ech dach guer net an der Schoul!

Stevie: An d'Prüfung vun de Moien? Has de eng Datz oder net?

Michelle: Hal du dech do eraus; eppes anescht wéi klape kanns du net!

Mamm: *mécht d'Michelle no* ...esou schlecht sinn ech dach guer net an der Schoul ... mee do ass déng Joffer iewer ganz anerer Meenung!

Michelle: Ou? Wat sot si dann?

Mamm: Du gings sëtzebleiwen!

Stevie: ... jo, du gings sëtzebleiwen!

Michelle: Sëtzebleiwen?!? Ech?!?

Stevie: Jo du!

Mamm: A wat sollen d'Nopere vun eis denken! *Si mécht d'Nopere no* A Madame, ass et wouer, äert Michelle ass sëtzebliwwen an der Schoul! Ass hatt da lidderech oder iren e bëssen domm? Hutt dir da net mat him geléiert! Huet hatt déi Dommheet dann ire vun iech?...

Michelle: Mamm, sief roueg, wann ech gelift!

Mamm: Roueg! Ech hunn dech elo laang genug roueg gelooss! Elo ginn hei ganz aner Säiten opgezunn! Elo geet et op de Späicher, a net méi erof bis de Papp kënnt! An da wäers du iewer emol eppes erliewen!

Michelle: Ma Mamm...

Mamm: An elo séier erop op de Späicher! Allez, féx d'Lieder erop!

Stevie: Allez, féx d'Lieder erop! Allez, féx d'Lieder erop!...

D'Michelle huet d'Flemm a geet d'Lieder erop. Hatt léisst de Kapp hänken.

2. D'Muspelen iwver der Lieder

D'Michelle kënnt uewen um Späicher un. Hatt sëtzt sech dohinner, et gesäit een, datt hatt net richtig weess, wat et maache soll. Hatt kuckt sech e bëssen em. Do steet eng gemittlech Fotell. Do sëtzt hatt sech dran.

Lidd 1: Wien ass d'Michelle?

„Ich hatte immer das Gefühl, ich sei ein Insekt und besäße Antennen. Ich streife durch die Gegend und mache auf meinem Weg wundersamerweise immer wieder neue Entdeckungen.“

Verschidde Stëmmen:

Also dir Herrschaften, wann Äert Michelle esou weiderfiert, da wäert
hatt dëst Joer net packen!

... hatt wir verdreemt!

Äert Michelle ass lidderech wéi all näischt Gutts!

Eise Stevie ass emol e feine Jong!

... e Meedchen am Futtball, dat ka jo näischt ginn!

... hatt muss just nach léieren, léieren, léieren!

Michelle: Ref.: Ech wëll fort an dat Land,

Wou jiddereen e Kënschtler ass!

Wäit iwwert d'Wollécke fléien,

Dohinn, wou alles faarweg ass!

Ech wëll fort an dat Land,

Wou jiddereen Eerad fuere kann!

Wäit iwwert d'Wollécke fléien,

Do wou d'Blummen e ganz Joer bléien!

... a vernenn d'Michelle emol zerguttst!

... ech gi nach séier bei d'Liliane e Mini drénken.

... näischt Guddes vun eisem Michelle.

Mir schwätzen net méi mat him.

Du lidderech Dëppen!

Michelle: Ref.: Ech wëll fort an dat Land,

Wou jiddereen e Kënschtler ass!

Wäit iwwert d'Wollécke fléien,

Dohinn, wou alles faarweg ass!

Ech wëll fort an dat Land,

Wou jiddereen Eerad fuere kann!

Wäit iwwert d'Wollécke fléien,

Do wou d'Blummen e ganz Joer bléien!

Da ginn emol ganz aner Säiten hei opgezunn.

Et muss een sech jo schumme mat dir!
An dann d'Noperen eréischt!
Déi wäerten sech d'Maul schéin zerräissen!
An elo séier erop op de Späicher!
Allez, féx d'Lieder erop!

Michelle: Wäit iwwert d'Wollécke fléien,
Do wou d'Blummen e ganzt Joer bléien!

Géint Enn vum Lidd kommen dräi komesch Gestalten op d'Späicherbühn. Si danzen am Rythmus vun der Musék mat. Si hu Spillkaarten an der Hand. Een zitt bei diem aneren; si spille Schwaarze Péiter. Elo ass d'Lidd fäerdeg. Blëtzschnell verstoppen d'Muspelen sech, d'Michelle gesäit si net.

Michelle: E ganzen Dag op dem Späicher, wat ass dat langweileg!

Tomuspiel: A wien ass hatt dann?

Michelle: *Spréngt op a kuckt ronderem sech.* Hallo, wien ass do?

Romuspiel: Dajee, et ass un dir ze zéien, Tomuspiel! *Hien hält dem Tomuspiel séng Hand mat de Kaarten dohin!*

Komuspiel: Pssst, soss héiert hatt eis!

Michelle: Ma ech héieren dach ee schwätzen!

Romuspiel: Haha, hien huet de schwaarze Péiter!

Tomuspiel: Dat do war gefuddelt! Hien hat de schwaarze Péiter ganz wäit erausstoe gelooss!

Romuspiel: Ma du häss e jo net missen huelen!

Komuspiel: Ma dann haalt dach emol de Mond!

Michelle: *Hatt huet d'Muspelen elo just entdeckt! Hatt geet dohin a kuckt sech se un.* A wie sidd dir dann? Esou eng Komesch gëtt et dach guer net!

Komuspel: A wéi et eis gëtt! Bonjour Madame, däerfe mir eis viirstellen?!?! Mir sinn déi dräi Muspelen aus dem Muspelland!

Romuspel: Ech sinn de Romuspel aus dem Muspelland, dem Land vun déngen Dreem!

Komuspel: An ech sinn de Komuspel aus dem Muspelland, dem Land vun déngen Dreem!

Tomuspel: An ech sinn den Tomuspel aus dem Muspelland, an ech hunn am Ament de schwaarze Péiter, well de Romuspel en décke Fuddeler ass!

Romuspel: Selwer en décke Fuddeler!

Tomuspel: A wien hat dann de schwaarze Péiter esou ee Stéck erausstoe gelooss?

Romuspel: A wanns du esou blöd bass, fir en ze huelen!

De Romuspel an den Tomuspel fänken un ze streiden!

Komuspel: Maach dir näischt draus Michelle! Si mengen dat net esou!

Michelle: Wouhier weess du mäi Numm?

Komuspel: Ech weess net nëmmen däi Numm! Ech weess nach vill aner Saache vun dir! Déng Joffer wëllt, dass du d'5. Schouljoer nach eng Kéier méchs! Déng Mamm kuckt e ganzen Dag Fernseh, däi Papp ass vill ze vill dacks am Bistro an däi Brudder klaapt alles doheem! An du hues de Réck elo geschwënn voller rouder Strummen.

Michelle: Dat verstinn ech net. Wéi eng rout Strumme mengs du...?

Komuspel: Mir Muspelen kommen aus dem Muspelland, dem Land vun den Dreem. Do wou alles faarweg ass, do wou jiddereen die wëllt, ka géint d'Draache kämpfen, eng schéi Prinzessin bestueden, héich iwwe d'Wolléke fléien, oder Eerad fueren...

Michelle: ... Ech wëllt ech kënn Eerad fueren. Am Zirkus duerch d'Manège jauwen, dat ging mir gefalen! D'Leit ginge mir klappen, Bravo ruffen, all d'Luuchte wiren op mech gericht. Vun iwwe all kéimen

d'Mënschen, fir mir nozekucken! ... Nëmmen, d'Muspelland, d'Land vun den Dreem, dat Land gëtt et guer net!

Komuspiel: Natiirlech gëtt et dat Land. Eis gëtt et jo och!

Michelle: A wou ass dann dat Land?

Komuspiel: Dat Land ass ëmmer bei dir! Et geet iwwehall mat dir, egal wous du bass! A wanns du fest un dëst Land denks, da kanns du och dohinner kommen.

Iwwerdeems hunn den Tomuspiel an de Romuspiel opgehalen ze streiden an och si sinn elo beim Michelle.

Tomuspiel: Ëmmer wanns du dës Lieder erop kloters, kanns du an d'Land vun den Dreem, an d'Muspelland kommen!

Romuspiel: Komm mir weisen dir wat et alles am Muspelland gëtt!

Lidd 2: D'Muspelland

„Das Lied der Nachtigall um Mitternacht“ (1940)

*„Das Drama des Himmels bewegt mich. Es bewegt mich,
wenn ich an einem unendlichen Himmel die schmale Sichel von Mond und Sonne sehe“*

1. Kuckt emol hei:
d'Moler aus dem Muspelland.
Kuckt emol hei:
e Pinsel an all Hand
Stellt iech vir:
kloer gëtt déi däischer Nuecht.
Stellt iech vir:
d'Fréijo'r hu si bruecht.

Maache kaal Mauere waarm,
fonkelen virun ären Aen,
fierwen är Wënsch an Dreem,
sinn iwwehall doheem!

Net gelunn:
si bréngt Faarw an d'Liewen rann.
Net gelunn:
et gëtt lëschtteg dann.
Dat ass flott:

hir Palette spijelt d'Liewen ërem.
Ganz tipp-topp:
si sinn och déng Frënn!

Maache kaal Mauere waarm,
fonkelen virun ären Aen,
fierwen är Wënsch an Dreem,
sinn iwwerall doheem!

Ref: Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 mir sinn aus dem Muspelland,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 eis kënnt hei all Kand!
 Wous du géint wëll Drache wënns,
 oder eng Prinzessin fënds.
 Do wou alles faarweg ass,
 Muspelland dat ass voll Krass!
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 wous du mat dem Loftschéff lands,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns. (Oder Zweerad, oder Dräirad)

2. Kuckt emol hei:
si schwiewe wéi ee Päiperléck.
Kuckt emol hei:
si glucksen dacks vu Gléck.
Stellt iech vir:
si hopse wéi een Hampelmann.
Stellt iech vir:
klammen zur Fënster eran.

D'Dänzer brauche keng Schrëft,
a si brauche keng Sprooch,
du verstees si och esou
kuck hinne just gutt no

Net gelunn:
de Rhythmus dréit si duerch de Sall.
Net gelunn:
si sprange wéi ee Ball.

Dat ass flott:
si rucken an zucken hei an do.
Ganz tipp-topp:
si maachen dir den Himmel blo!

D'Dänzer brauche keng Schrëft,
a si brauche keng Sprooch,
du verstees si och esou
kuck hinne just gutt no

Ref: Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 mir sinn aus dem Muspelland,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 eis kënnt hei all Kand!
 Wous du géint wëll Drache wënns,
 oder eng Prinzessin fënnds.
 Do wou alles faarweg ass,
 Muspelland dat ass voll Krass!
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 wous du mat dem Loftschëff lands,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns. (Oder Zweerad, oder Dräirad)

3. Kuckt emol hei:
do hopst och schonns erem dee Bloen.
Kuckt emol hei:
an do och dee Rouden.
Stellt iech vir:
lénks a riets an dann duerch d'Mëtt.
Stellt iech vir:
et gleewt een et bal net.

Hei do fléien är Dreem,
Hei do fléien är Wënsch,
Gitt elo nëmme net heem,
Wëll dat brauch all Mënsch

Net gelunn:
do hopsen d'Bäll do hopsen d'Reefer.
Net gelunn:

d'Jongleuren zéien hei hir Kreesser.
Dat ass flott:
si sinn do fir Spaass ze hunn.
Ganz tipp-toppp:
an är Suerge si verflunn!

Hei do fléien är Dreem,
Hei do fléien är Wënsch,
Gitt elo nëmme net heem,
Wëll dat brauch all Mënsch

Ref: Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 mir sinn aus dem Muspelland,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 eis kënnt hei all Kand!
 Wous du géint wëll Drache wënns,
 oder eng Prinzessin fënds.
 Do wou alles faarweg ass,
 Muspelland dat ass voll Krass!
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 wous du mat dem Loftschëff lands,
 Ei, ei, ei, ei, ei, ei,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns,
 oder Eerad fuere kanns. (Oder Zweerad, oder Dräirad)
 (rep.)

Tomuspel: Haha, elo hues du de schwaarze Péiter erem!

Romuspel: Du bass en décke Fuddeler! Du has de schwaarze Péiter
esou e Stéck erausstoe gelooss!

Tomuspel: Selwer Fuddeler!

Romuspel: Hues du dat héieren, hien huet mech Fuddeler vernannt! Da
pass iewer elo emol op Männchen!

A schonns sinn déi zwee nees am gaang mat streiden!

Michelle: Dajee, dir zwee, dann haalt dach op!

Komuspel: Looss se nëmmen, Michelle! Si léieren et ni! Michelle, lauschter emol! Ech muss eppes ganz, ganz, ganz, ganz Wichteges mat dir beschwätzen!

Michelle: DU muss mat MIR eppes ganz, ganz, ganz, ganz Wichteges beschwätzen?!?!

Komuspel: Jo, Michelle, et ass eppes ganz, ganz, ganz, ganz Wichteges, an eppes ganz Schlëmmes!

Papp: Michelle!... Michelle!

Michelle: Séier Komuspel. Verziel!

Papp: Michelle, elo séier erof elo!

Komuspel: Muspelland ass a Gefor!

Michelle: Muspelland a Gefor?

Papp: Michelle, bei Fouss!

Komuspel: Muspelland ass a grousser Gefor!

Michelle: Da verziel endlech, Komuspel, ech muss bei mäi Papp!

Papp: Wanns de elo net direkt kënns, da wäers du eppes erliewen!

Komuspel: Allez, laf séier bei däi Papp! Ech verzielen dir et herno!

Michelle: Äddi, Muspelen, bis herno!

3. Rout Strummen

Papp: *vun dobaussen* Nach just geléiert, geléiert, geléiert! *De Papp kennt an d'Kichen an et gesäit een, datt hien e Patt iwwer den Duuscht gedronk huet!* Wou ass dat lidderecht Dëppen? Maach wann ech dech erwëschen! Mäi Kand soll sëtzebleiwen? A wat sollen d'Leit dann denken? Wéi wa mir net ginge mat him léieren!

Stevie: Moie Papp! Wéi ass et?

Papp: Ah, Stevie! Sief emol e gudde Jong a géi sich déngem Papp eppes fir ze drénken!

Stevie: Jo Papp! Ass et wouer, datt d'Michelle sëtzebleift? D'Mamm sot d'Joffer hätt dat behaupt!

Papp: Dat soll mer emol ënner d'Ae kommen! Dat wäert eppes erliewen!

Stevie: Jo, hatt huet mech de Moien och nees geschloen!

Papp: Dech geschloen?!?! Léiss du dech da vu Meedercher schloen?!?? Ma dat kann eppes erliewen!

Just elo kënnt d'Michelle d'Traappen erof.

Michelle: Moie Papp! Wéi ass et?

De Papp paackt d'Michelle.

Papp: Esou du ! An elo wäers du mech emol kenneléieren! Firwat hues du dien aarme Stevie de Moie geschloen?

Michelle: Ma Papp, ech hunn hien iwverhaapt net geschloen! Ech packen hien dach guer net, hien ass dach vill méi staark wéi ech!

Papp: An elo litts du och nach! Ma da pass elo iewer emol op!

De Papp hält hanner dem Schaf e Béngel eraus a fänkt un, dem Michelle de Réck ze klappen.

Papp: Et muss een sech jo schumme mat dir! *Zack* An eiser Famill ass nach ni ee sëtzebliwwen.

Stevie: An et huet och nach ni een säi Brudder geschloen!

Michelle: Ma spënns du! *Zack* Aua! Ech hunn dech net geschloen!

De Stevie laacht a mécht sech aus dem Stëps.

Papp: Dat muss du vun dénger Mamm hirer Sait hunn! *Zack* Elo gëtt nach just geléiert, *Zack* geléiert, *Zack* geléiert! *Zack* A net méi virun d'Dir! *Zack* A kee Futtball méi! *Zack* Nach just geléiert, *Zack* geléiert, *Zack* geléiert! *Zack*

Michelle: Papp looss mech goen! Ech ka jo net dofir! Ech hunn de Stevie net ugepaackt!

Papp: Ech ka jo net dofir!!! *de Papp mécht d'Michelle no.* Wann ech dat scho nëmmen héieren! Du bass e lidderecht Dëppen, a soss näischt! Sou, an elo hunn ech mech genug mat dir geplot! Déng Joffer sot, net méi op d'Strooss! Net méi an de Futtball! Ma si huet recht! Elo gëss du op de Späicher gespaart, bis déng Lidderechkeet verflunn ass. Du kënns just nach erof fir ze léieren! An domat Basta!

Michelle: Ma Papp, du kanns dach net...

Papp: Papperlapapp! Op de Späicher an domat Basta! Allez, hei d'Lieder erop, an e bëssen dalli! A maach dass du déi rout Strummen op déngem Réck kengem Mënsch weis! ... *De Papp jeet d'Michelle d'Lieder erop! Hatt fällt bal an der Lieder! Mee et geléngt him schliisslech dach, op de Späicher ze kommen!*

Papp: Stevie, bréng mir emol nach eppes ze drénken!

4. D'Enn vum Theater vun den Dreem

D'Michelle kënnt um Späicher un. Hatt kuckt em sech, wou sinn d'Muspelen?

Michelle: Wou sidd dir? Tomuspiel, Komuspiel, Romuspiel? Ech sinn erem do! Da kommt a weist iech! Dajee, wéi laang muss ech nach op iech waarden!

De Michelle sëtzt sech an d'Fotell a fänkt un ze kräischen!

Michelle: Elo weisen sech d'Muspelen emol net méi! All loossen se mech alleng! Wat soll ech nëmme maachen.

Hatt vergrueft säi Kapp a séngen Hänn. Hatt dreemt ... (Am Hannergrond eng liicht Musik: Gedicht (Nom Matin Auer: Kim denkt))

Michelle: Wann d'Meis esou grouss wéi d'Hënn wieren,
Da missten d'Kazen esou grouss wéi d'Tigere sinn.
An d'Tigere wieren dann esou grouss wéi d'Elefanten.
Mee d'Elefanten wieren esou grouss wéi d'Walfësch,
an d'Walfësch esou grouss wéi d'Ozeandampfer.

An iwwerhaupt misst dann alles viel méi grouss sinn,
déi ganz Welt, an d'Heiser, d'Beem an d'Mënschen,
an de Papp an d'Mamm;
a natiirlech och ech.

Alles misst da vill méi grouss sinn, datt alles zesummepasst.

Nëmme wann alles viel méi grouss wier,
da ging een dat jo guer net miirken!

Villäicht sinn d'Meis jo wirklech esou grouss wéi d'Hënn?

Tomuspiel: Et ass un dir!

Romuspiel: Nee, du hues schonns, et ass elo u mir!

Komuspiel: Wann dir iech net eens gitt, dann hunn ech gewonnen!

Romuspiel: Nondikass, mat dir kann ee net spillen!

Komuspiel: Elo geet et duer! Entweder du léiss mech elo zéien, oder du kriss eng an d'Schnëss!

An deem Ament kommen d'Muspelen op d'Späicherbühn. Wéi ëmmer hu si hir Kaarten an der Hand.

Tomuspiel: A, elo hues du de schwaarze Péiter, du bass verluer!

Romuspiel: Ma du muss iewer och nach bei mir zéien!

Michelle: Muspelen! Endlech, wou waart dir? Ech hu wéi laang no iech geruff!

Tomuspiel: A, eist Michelle! An, gleefs du eis elo?

Michelle: Wat soll ech iech gleewen?

Komuspiel: Hat ech dir gesot, du kréichs rout Strummen oder net?

Michelle: Jo dat has du gesot! An?!?!

Komuspiel: Maja, hues du dann elo rout Strummen?

Michelle: Ech hunn de Réck voller roudere Strummen! Ei, wat déi pëfferen. Mee, Komuspiel, du solls mir dach nach eppes verzielen, virdrun, wéi de Papp mech geruff huet!

Tomuspiel: Jo, eppes ganz, ganz, ganz, ganz Wichteges!

Romuspiel: An eppes ganz, ganz, ganz, ganz Schlëmmes!

Michelle: So haalt dir zwee mech fir blöd! Entweder dir verzielt mir dat elo, dat ganz, ganz, ganz, ganz Wichtegt an dat ganz, ganz, ganz, ganz Schlëmmt, oder dir kënnt mir emol ganz, ganz, ganz, ganz séier de Bockel erofrutschen!

Komuspiel: Dat geet net, du hues zevill rout Strummen um Bockel!

Michelle: O, wéi léif vun iech! Wann dir elo net verzielt, da ginn ech ebe ménger Wee!

Komuspiel: Dat geet och net!

Michelle: A firwat geet dat dann och net?!?!

Komuspiel: Well däi Papp d'Dir zougespaart huet! Ätsch!

Michelle: Ma klibbert mech dach!

Tomuspiel: Elo huet hien de schwaarze Péiter!

Michelle: Ech spillen iwwerhaupt net mat!

Romuspel: Dajee, Michelle, huel emol net alles esou schwéier!

Komuspel: Komm, mir verzielen dir elo alles.

Michelle: Et gött iewer och esou lues Zäit!

Tomuspel: Maja, Michelle. Du weess jo, datt Muspelland nëmmen aus Dreem besteet. Am Muspelland ass alles méiglech, do kanns du géint d'Draache kämpfen, déi schéinste Prinzessin vun der Welt bestueden, du kanns fléie wéi e Päiperléck, ...

Michelle: ... an du kanns Eerad fueren ...

Tomuspel: ... an alles ass wonnerbar faarweg!

Komuspel: Mee elo ass de Garzoch a Muspelland agebrach!

Michelle: Garzoch! A wien ass dat dann?

Romuspel: De Garzoch ass dat schwaarzt Monster! Hatt verhënnert alles.

Michelle: Dat verstinn ech net!

Tomuspel: Stell dir vir, du sëtzt an enger Prüfung a sichts no der Léisung vun enger schwéierer Rechegegeschicht! De Garzoch verhënnert, dass du dat richtegt Resultat fënns.

Komuspel: An esou verhënnert hien alles. Hie verhënnert, dass du den Draach Meeschter gëss, dass du eng wonnerschéi Prinzessin kenne léiers, dass du fléie kanns wéi e Päiperléck...

Michelle: Da verhënnert hien och, datt ech léieren Eerad ze fueren?

Komuspel: Genau, hie verhënnert och dass du léiers Eerad ze fueren!

Romuspel: Hie mécht och alles däischer a schwaarz.

De Vorhang geet op! D'Moler stinn do, si loossen d'Käpp hänken!

Moler 1: All moies fänke mir mat dësem Bild un! Mee mir kréien et ni fäerdeg. Iwwer Nuecht gött et ëmmer nees schwaarz!

Moler 2: Soss hu mir all Dag wéinstens ee Bild fäerdeg gemoolt. Haut brauche mir wochelaang.

Moler 3: Ech mengen, dëst Bild kréie mir ni fäerdeg!

Moler 4: De schwaarze Garzoch verhënnert, dass d'Dreem faarweg bleiwen. Gläich dreemt jiddereen nëmme méi schwaarz-wäiss!

Moler 5: Michelle du muss eis hëllefén!

Michelle: Ech iech hëllefén?

All d'Moler: Michelle, du muss eis hëllefén!

Michelle: A nee, dat kann ech net!

D'Moler kucken sech verdaddert un, a loossen d'Käpp hänken!

Elo kommen d'Dänzer. Mee si danze net, si bleiwe wéi verstengert stoen.

Dänzer 1: All moies fänke mir e neien Danz un, mee mir bleiwen einfach net am Rhythmus!

Dänzer 2: Soss hu mir alt zwee Dänz am Dag geléiert, elo packe mir emol keen eenzege méi am Mount!

Dänzer 3: Et ass fir ze kräischen!

Dänzer 4: Dee schwaarze Garzoch verhënnert, datt mir zesummen danze kënnen. Gläich danzt jidderee just nach säin eegenen Danz!

Dänzer 5: Michelle, du muss eis hëllefén!

Michelle: Ech iech hëllefén?

All d'Dänzer: Michelle, du muss eis hëllefén!

Michelle: A nee, dat kann ech net!

D'Dänzer kucken sech verdaddert un, a loossen d'Käpp hänken!

Elo kommen d'Jongleuren. Mee si jongléiere net, si bleiwe verstengert stoen.

Jongleur 1: All moies fänke mir e neien Trick un, mee mir behalen d'Bäll einfach net an der Luucht!

Jongleur 2: Soss hu mir alt zwee Tricken am Dag geléiert, elo packe mir emol keen eenzege méi am Mount!

Jongleur 3: Et ass fir ze kräischen!

Jongleur 4: Dee schwaarze Garzoch verhënnert, datt mir zesumme jongléiere kënnen. Geschwë bleiwen all d'Bäll am Eck leien an et ass kee méi do, fir d'Leit ze ameséieren.

Jongleur 5: Michelle, du muss eis hëllef!

Michelle: Ech iech hëllef?

All d'Jongleuren: Michelle, du muss eis hëllef!

Michelle: A nee, dat kann ech net!

D'Jongleure kucken sech verdaddert un, a loossen d'Käpp hänken!

All: Michelle, du muss eis hëllef!

Michelle: Iech hëllef?!?! Dat kann ech net! Ech kann iwverhaapt näischt, net an der Schoul a net doheem! Ech kann emol net Eerad fueren!

Paus

5. E neie Rekord

D'Michelle sëtzt mat sänge Klassekomeroden an der Schoul. Si hunn elo just eng Verbestonn.

An der Klass sinn: d'Sonnie, d'Arlette an d'Jeannie, de Roger, de Stevie an d'Michelle.

Joffer: Heute wollen wir den Imperfekt wiederholen. Sonnie sage uns bitte den Imperfekt von „sagen“ auf!

Sonnie: Ich sagte, du sagtest, er sagte, wir sagten, ihr sagtet, sie sagten.

Joffer: Ja, sehr gut Sonnie! Ich schreibe dir eine Eins auf! So Roger, dann sage du uns den Imperfekt von „gehen“ auf!

Roger: Ich gehte, du gehtest, er gehte, wir gehten, ihr gehtet, sie gehen.

Joffer: Roger! Hast du deine Verben wieder nicht gelernt! Das gibt einen Strich!

Roger: Mee Joffer, ech hunn dës Woch dach schonns 231 Strécher. Ech kann déi Strofen dach souwisou net all schreiwén.

Joffer: Roger, ich kann dich nicht verstehen! Hier sprechen wir Deutsch!

Roger: Jawohl Joffer, ich habe diese Woche schonns 231 Stricher bekommen! Ich kann doch nicht alle Strafen schreiben!

Joffer: Strich ist Strich! Hier geht es um das Prinzip! Wer seine Verben nicht kann, der kriegt einen Strich! Punktum und damit Basta! Stevie wie heisst der Imperfekt von „gehen“?

Stevie: „Gehen“ ist ein starkes Verb: ich ging, du gingst, er ging, wir gingen, ihr gingt, sie gingen.

Joffer: Das war sehr gut Stevie, auch eine Eins für dich!

Michelle: *flüstert dem Roger* Et mengt een, mir wíren am Zirkus! Do kréien d'Päerd och ëmmer e Stéck Zocker, wann se eppes richtig maachen!

Joffer: Arlette sage uns den Imperfekt von „singen“ auf!

Arlette: Ich sang, du sangst, er sang, wir sangen, ihr sangt, sie sangen.

Joffer: Sehr gut Arlette, das gibt eine Eins!

Michelle: *D'Michelle wíhért wéi ee Päerd! Wíhër!*

Joffer: Wer war das!

Roger: Dat war d'Päerd!

Joffer: Wéi ee Päerd?

Stevie: Fräulein, wir sollen doch deutsch reden!

Joffer: Stevie, halte den Mund, sonst kriegst du einen Strich!

Stevie: Aber ich habe doch gar nichts gemacht!

Joffer: Mund zu oder Strich, punktum und damit Basta!

Michelle: Ich wieherte, du wiehertest, er wieherte, wir wieherten, ihr wiehertet, sie wieherten.

Joffer: Ruhe jetzt! Oder es gibt einen Klassenstrich!

Jeannie: Joffer, Michelle hat gewiehert!

Joffer: Das ist Perfekt, Jeannie, im Imperfekt heisst das: Michelle wieherte.

Roger: Et war guer net d'Michelle, et war dien hannerhältege Stevie!

Stevie: Guer net wouer, de Roger ass e Ligener!

Roger: Voll wouer!

Joffer: Ruhe, sofort Ruhe, oder es gibt einen Klassenstrich!

Roger: De Stevie ass e Päerd, de Stevie ass e Päerd!

Stevie: An du bass ee Kalëf!

Roger: Muh, Muh, Muh!

Joffer: Es reicht! Ruhe!

Roger: Muh, voll krass, de Stevie huet BSE! De Stevie huet BSE!

Joffer: Klassenstrich, Klassenstrich sage ich!

Stevie: Da pass elo emol op! *De Stevie hëlt de Schwamm a wëllt dem Roger en an d'Gesicht schéissen. Dien zitt sech iewer an et gëtt d'Michelle.*

Michelle: Wie war dat? Wien huet mech mam Schwamm geschoss?

Roger: Et war de Stevie, dat geckegt Kallëf!

Michelle: Stevie! Du Drecksak! *D'Michelle schéisst de Schwamm zrëck! Mee och de Stevie zitt sech, an et gëtt d'Joffer voll an d'Gesicht!*

Joffer: Wer war das? Wer war das??? Sofort heraus mit der Spache!!!

Stevie: Joffer! Das war die Michelle! Ich habe es genau gesehen!

Roger: Klaapsak! Klaapsak!

Joffer: Und du Roger schützt auch noch diese nichtsnutzige Michelle! Beide vor die Tür! Schnell! Und drei Striche für beide!

Roger: Dann hunn ech der elo: 231 plus 3 ass 234! Dat ass neie Rekord! Voll krass, ech hunn e neie Rekord opgestallt!

Joffer: Vor die Tür hab ich gesagt!

Roger: Peace! Joffer, bleiben Sie locker!

Joffer: Was unterstehst du dich, Roger? Wie redest du mit mir? Raus! Ich werde mit euren Eltern reden!

Roger: Sie gehen doch nie zu der Liliane! Dann können Sie nicht mit meinem Vater reden, Joffer!

Joffer: Noch einen Strich für dich, Roger!

Roger! Vielen Dank, Joffer! Wirklich zu nett von Ihnen!

6. Knusper knusper Knäuschen

Elo sinn déi zwee virun der Dir ukomm. Si hucken sech op de Buedem!

Roger: Wow! Souvill Strécher hat ech nach ni an enger Woch! Wann ech méngem Papp dat do verzielen, da gëtt hie mir e Patt!

Michelle: Wéi, regt däi Papp sech net op, wanns du eng Strof kriss!

Roger: Da kéim dee gudde Mann net méi aus der Oprengung eraus! Mir hunn elo Wette lafen, wéivill Strécher ech all Woch kréien. An dës Woch sinn ech elo scho gewonnen!

Michelle: Cool! Mäi Papp hält de Bengel, wann ech eng Strof hunn!

Roger: Wat heescht dat, hien hält de Bengel!

Michelle: *D'Michelle weist dem Roger säi Réck Rout Strummen, heescht dat!*

Roger: Ma dat do geet dach net! Dat ass dach Kindesmisshandlung!

Michelle: Wat ass dat!

Roger: Kin-des-miss-hand-lung! Do musse mir bei d'Police!

Michelle: Bass du mëll! Da ging et jo ëmmer nach méi schlëmm ginn!

Roger: Nix da! Kanner schléit ee net, a scho guer net mam Bengel!

Aus dem Hannergrond kommen d'Muspelen erbäigeschlach.

Tomuspel: Michelle!

Komuspel: Michelle!

Romuspel: Michelle!

Muspelen: Michelle!

Michelle: Jo, wie rífft mech?

Romuspel: Mir, du muss séier mat!

Tomuspel: De schwaarze Garzoch ass am gaangen...

Komuspel: ... am gaangen ...

Romuspel: ... am gaangen ...

Michelle: Wat ass hien am gaangen, ma da schwätzt!

Komuspel: Et ass ze schlëmm!

Romuspel: ... ze schlëmm!

Tomuspel: ... ze schlëmm!

Roger: Hahahaha! A wie sinn si dann? Esou eppes hunn ech nach ni gesinn!

Michelle: Dat sinn d'Muspelen aus dem Muspelland!

Roger: Hahahaha! Dat sinn d'Knusperen aus dem Knusperland! Ech laache mech freckt!

Michelle: Net Knusperen aus dem Knusperland ...

Roger: Knusper knusper Knäuschen, wer knuspert an meinem Häuschen?

Michelle: Roger, dat sinn d'Muspelen aus dem Muspelland!

Roger: An dobäi kanns du seriö bleiwen!

Michelle: Jo, an...

Roger: Ech net! Hahahahahahahahah!

Tomuspel: Michelle, du muss eis hëllef kommen, soss ass et em d'Muspelland, d'Land vun den Dreem, geschitt!

Komuspel: Et ass schonns bal alles schwaarz!

Michelle: Alles schwaarz?

Romuspel: Jo, dee grouse Garzoch huet séng Zaldote geschéckt, déi sinn am gaangen, all d'Kënschtler festzehuelen.

Komuspel: An och d'Biller ginn all schwaarz gemoolt!

Roger: So Michelle, wat verzielen déi do fir e Kabes?

Michelle: Dat ass kee Kabes, Roger! Et geet em eis Dreem! Ech muss elo eppes ënnerhuelen! Iewer ech weess net wat!

Roger: Ma wann dat esou ass, da musse mir eis dee grouse schwaarze Kalzong emol ukucke goen!

Tomuspel: Net Kalzong – Garzoch, Roger, Garzoch!

Roger: Merci Knusper, Garzoch, net Kalzong! A wou ass dann dee Garzoch?

Michelle: Ma Roger, mir kënnen dach elo net fort hei; et ass dach nach Schoul bis 12 Auer!

Roger: Ma déi Al soll eis klibbere mat hirem Imperfekt: du woschest oder du waschest oder du wuschest! Dat ass dach ganz egal! Bei eis doheem wäscht souwisou just méng Mamm. Allez, alles mat!

Muspelen: Jo, séier, kommt mat!

Joffer: *Kënnst zu der Klassendir ersaus!* Michelle und Roger, kommt herein, eure Strafe abholen! Michelle und Roger ??? Michelle und Roger – weg – POLIZEI!!!

7. An de Prisong mat hinnen!

De Rido geet ganz op. Am Hannergrond ass d'Bild vun de Moler hallef schwaarz. D'Dänzer stinn op engem Koup zesummen, an och d'Jongleure spille net mat hire Bäll.

Ënnert de Persoune ginn déi 5 schwaarz Zaldote vum grouse Garzoch wéi Roboterer doruechter. Zwee vun hinne sinn och am gaangen, eng schwaarz Decken iwwer d'Bild am Hannergrond ze zéien.

Roger: A wat ass dann hei lass?

Schwarzerten: Stopp! Kee Schratt weider!

Roger: Ma wat bild dir iech an, dir Sardinnebéhsen! Wat soll dat heiten?

D'Schwarzerte ginn op de Roger lass a praffen him esou eng fest, datt hie vun der Bühn trëllt! ---> Matratz!

Lidd 3:

Schwarzerten: Wat brauch dës Welt esou Biller
Wat brauch dës Welt Gefiller
Schwarz a wäiss als Faarf ginn duer
Do schalte mir total op stur!

Vun haut un ass et net méi erlaabt
Mat Faarwen emzegen
Vun haut u gëtt jiddereen ugeklaapt
Dee mir mat Faarwe gesinn do stoen!

Roger: Stopp, Stopp, wat maacht dir do,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwen ass eng Plo!

Michelle: Stopp, Stopp, loosst dat sinn,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwe soll et net ginn!

Schwarzerten: Oh grouse Garzoch,
Mir fannen dat och!
Schwarz a wäiss geet duer,
fir gëschter an haut a fir muer!

Roger: Stopp, Stopp, wat maacht dir do,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwen ass eng Plo!

Michelle: Stopp, Stopp, loosst dat sinn,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwe soll et net ginn!

Schwaarzerten: Wat brauch dës Welt esou Dänzer
Wat brauch dës Welt déi Musik
Marschéiere wéi Roboter
Fanne mir alleguer schick!

Vun haut un ass et net méi erlaabt
Ze danzen duerch den Haff
Vun haut u gëtt jiddereen ugeklaapt
Gesäis du, do bass de paff!

Roger: Stopp, Stopp, wat maacht dir do,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwen ass eng Plo!

Michelle: Stopp, Stopp, loosst dat sinn,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwe soll et net ginn!

Schwaarzerten: Oh grouse Garzoch,
Mir fannen dat och!
Schwaarz a wäiss geet duer,
fir gëschter an haut a fir muer!

Mir brauche keng Faarwen,
mir brauche keng Dänz,
mir brauche keng Konschten ,
an dofir späere mir déi Pänz,
séier an de Prisong an;
da brauche mir keen Zirkus ze man.

Roger: Stopp, Stopp, wat maacht dir do,
Sot dach selwer,

eng Welt ouni Faarwen ass eng Plo!

Michelle: Stopp, Stopp, loosst dat sinn,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwe soll et net ginn!

Schwaarzerten: Wat brauch dës Welt esou Artisten
Wat brauch dës Welt déi Konschten
Mir sinn hei d'Polizisten
Mir wëlle keng esou Borschten!

Vun haut un ass et net méi erlaabt
Ze jongléieren an dem Haff
Vun haut u gëtt jiddereen ugeklaapt
Gesäis du, do bass de paff!

Roger: Stopp, Stopp, wat maacht dir do,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwen ass eng Plo!

Michelle: Stopp, Stopp, loosst dat sinn,
Sot dach selwer,
eng Welt ouni Faarwe soll et net ginn!

Schwaarzerten: Oh grouse Garzoch,
Mir fannen dat och!
Schwaarz a wäiss geet duer,
fir gëschter an haut a fir muer!

Mir brauche keng Faarwen,
mir brauche keng Dänz,
mir brauche keng Konschten,
an dofir späere mir déi Pänz,
séier an de Prisong an;
da brauche mir keen Zirkus ze man.

Roger: Ma dir kënnt dach net einfach déi aarme Leit mathuelen an an de
Prisong späeren!

Schwaarzert 1: A wie bass du da klenge Wuerm!

Michelle: Dat ass de Roger, mäi Kolleg! Mir wëlle net, datt all déi Konschtemaacher elo agespaart ginn!

Schwaartzert 2: Wir wëlle net! Mir wëlle net! Dat ass fir ze laachen! Hahahahaha!

Schwaartzert 3: Dir hutt hei guer näischt ze wëllen! Ass dat verstan!

Schwaartzert 4: Wann de grouse Garzoch eis seet, mir sollen déi Leit hei an de Prisong spären, da maache mir dat!

Schwaartzert 5: Punktum und damit Basta!

Roger: Ma dir sidd jo Dichteger! Klibbere kënnt dir mech, datt der et wësst! An elo gi séier déi aarme Leit hei fräigelooss, soss rabbelt et iewer zerguttst!

Tomuspiel: Roger, maach lues!

Roger: Ass esou eppes dann erlaabt! Eng Welt ouni Faarwen! Passt op, datt ech iech Männie net ze paacke kréien, soss maachen ech Jelli aus iech!

Komuspiel: Roger, sief roueg!

Roger: Ma da kommt emol hei, dir Schankerabbeler! *Hien danzt ewéi e Boxer em se* Eng Welt ouni Konschten, dat ass onméiglech!

Romuspiel: Roger, pass op, si huelen och dech mat!

Roger: Haha! An elo voll op se... auf sie mit Gebrüll ...

An deem Moment schloen d'Zaldoten zou! De Roger ass eenzock gefesselt a gëtt matgeschleeft!

Roger: Hëllef Michelle!

Michelle: Wéi Roger?

Roger: Hëllef, Michelle!

Michelle: Ech weess net wéi!

All déi Gefaangen: Michelle hëllef eis!

Michelle: Iech hëllef?!?! Dat kann ech net! Ech kann net emol Eerad fueren!

8. Hëllef! Awer wéi?

D'Michelle steet alleng mat de Muspelen op der Bühn. Si hunn déck d'Flemm!

Michelle: Sou, elo hu se och de Roger, mäin eenzege Kolleg, mat.

Tomuspel: Dajee, zitts du da bal!

Romuspel: Nee et ass u mir!

Komuspel: Quetschen och, et ass u mir!

Tomuspel: Wien huet de schwaarze Péiter?

Romuspel: Du wäers dach net mengen, ech ging dir dat soen!

Komuspel: A hien huet en! Hien huet en!

Michelle: Da gitt iech dach mat diem blöde schwaarze Péiter!

Komuspel: Dajee, dann zéi!

Tomuspel: Ha, elo huet hatt en, elo hatt hien en!

Michelle: All Mënsch wëllt, datt ech em hëllef, mee ech weess net wéi!

Romuspel: Dat war gefuddelt!

Tomuspel: Guer net gefuddelt!

Romuspel: Ma sécher, voll gefuddelt!

Michelle: Wéi wann ech dien eenzege Mënsch wir, dien hëllef kéint.

Tomuspel: Dajee, zéi du elo!

Komuspel: Nee, et ass u mir!

Romuspel: Guer näischt et ass u mir!

Michelle: Firwat hëllefen da net déi grouss Leit? Si sinn dach méi staark a méi gescheit wéi ech! Firwat muss ech dat man!

Hannert der Bühn komme viirsichteg ee Moler (1), een Dänzer (1) an ee Jongleur (1) ervir.

Moler 1: Du bass nach jonk, du hues nach Dreem!

Jongleur 1: Muspelland, d'Land vun den Dreem, ass nëmme vun engem ze retten, die selwer nach Dreem huet!

Dänzer 1: Déi Grouss hunn dacks keng Dreem méi!

Moler 1: Oder si gleewen net méi un hir Dreem.

Dänzer 1: All Dram, dien déi Grouss vergiessen, mécht am Land vun den Dreem e schwaarze Fleck!

Jongleur 1: All Dram, un dien net méi gegleeft gött, mécht, datt ee vun eis Konschtemaacher vum Garzoch séngen Zaldote gefaange gött!

Moler 1: All Dram, dien net Wiirklechkeet gött, mécht dem Garzoch séng Muecht méi grouss!

Michelle: *Hatt hëlt elo déi dräi an Uecht an erféiert zerguttst Ahh, a wie sidd dir!?*

Moler 1: Mir sinn d'Konschtemaacher aus dem Land vun den Dreem, aus dem Muspelland.

Jongleur 1: Mir konnten eis elo grad just nach virun deem grouse schwaarze Garzoch sénge Schwaarzerte verstoppen.

Dänzer 1: Mir sinn elo ganz alleng, a kréie kee richtegen Dram méi fäerdeg!

Michelle: Sidd dir och Muspelen?

Moler 1: Ech sinn de Moler, a maachen d'Land vun den Dreem faarweg!

Jongleur 1: Ech sinn de Jongleur, a maachen, datt d'Dreem nëmmen esou gehopst komme wéi déi Bäll hei!

Dänzer 1: An ech sinn den Dänzer, a loossen d'Dreem esou liicht wéi e Päiperléck bei d'Leit schwiewen!

Michelle: Gutt datt se iech net kritt hunn!

Jongleur 1: Mee si hunn der schonns ze vill vun eis agespaart! Et feelt de Leit un Dreem. D'Welt huet näischt méi wou se sech kann dru freën!

Michelle: Dat ass wouer! Ech hunn de Réck voller rouder Strummen, ech bleiwen an der Schoul sëtzen, ech däerf net méi Futtball spille goen ... an ech ka net Eerad fueren!

Komuspiel: Michelle, looss de Kapp net hänken, du muss eis hëllefen!

Michelle: Grad esou een aarmeséilege Geescht wéi ech soll iech hëllefen!

Romuspiel: Du gleefs un déng Dreem!

Tomuspiel: Du bass dien eenzegem, dien d'Dreem erem ka Wirklechkeet gi loossen!

Michelle: A wéi soll dat da goen!

Dänzer 1: Du däerfs net méi fäerten! Du muss déi Saachen, vun deenen's du dreems, eescht huelen.

Jongleur 1: Du muss déi Saachen, vun deenen's du dreems, och maachen!

Moler 1: Bréng eis d'Faarwen zrëck! Looss eis net am Stach. Sief staark a gleef un dech an un déng Dreem!

Mamm: Michelle, Michelle, wou bass du?

Michelle: Dat ass einfach gesot!

Papp: Lidderecht Dëppen, bei Fouss! An e bëssen dalli!

Moler 1: A nach méi einfach gemaach! Bis herno! Äddi Michelle!

All: Äddi Michelle!

Mamm: Michelle kënnst du wuel!

Michelle: Jo Mamm, ech si schonn do!

Papp: Et gouf iewer och esou lues Zäit!

9. Esou muss et goen

De Papp, de Stevie an d'Mamm sinn an der Kichen. Si sinn opgereegt!

Mamm: O mei, a wat gött dat nëmmen?

Michelle: Moie Mamm, moie Papp! Wéi ass et?

Stevie: Mir brauchst du net méi moien ze soen?

Michelle: A moie Stevie, dech hat ech guer net gesinn!

Stevie: Also, wann d'Dommheet grouss maache géif, da ging dir de Mound em d'Wuede kreesen!

Papp: Wou waars du?

Michelle: Ech, also ... ech...

Papp: Wou waars du?

Michelle: Papp, looss mech erklären, dat ass net esou einfach!

Papp: So Meedchen, häls du mech fir domm?

Mamm: O mei, a wat gött dat nëmmen!

Michelle: Also, Papp, ech weess net ob's du dat verstees?

Papp: Elo geet et awer duer! Häls du mech fir blöd? Elo huelen ech de Bengel!

De Stevie leeft séier a bréngt dem Papp de Béngel.

Stevie: Hei Papp, hei ass de Béngel. Soll ech et unhalen, da geréits du besser?

D'Michelle mecht "Tibbi-Tibbi" mam Fanger op der Stir.

Michelle: Ma Papp, da maach emol lues! Looss mech erklären!

Papp: Erklären, erklären,... du hues elo genug geschwat!

Mamm: O mei, a wat gött dat nëmmen!

Papp: Mir waren elo grad nees an der Schoul! D'Joffer war ganz ausser sech! Einfach esou fort ze goen! An der Schoulzäit, a kengem Mënsch Bescheed ze soen!

Stevie: An et ass net fir d'éischt! Eis aarme Joffer kritt nach eng Kéier en Hiereschlag mam diem Michelle!

Mamm: O mei, a wat gött dat nëmmen!

Papp: An de Roger ass bis elo nach net erem! Einfach fort, einfach verschwonnen! Wat weess du lidderecht Dëppen, wou hutt dir iech eremgedriwwen?

Stevie: Jo, wou hutt dir iech eremgedriwwen?

Michelle: Hal de Bak!

Stevie: Hal selwer de Bak, du dommt Zoppenhung!

Michelle: Papp, da lauschter!

Papp: Roueg! Du hues genug geschwat! Wou ass de Roger! D'Joffer huet missen d'Police ruffen. Elo sichen déi schonns dee ganze Mëtteg, an ëmmer nach keng Spur vun him!

Stevie: Ma dien ass och alt gutt fort!

Mamm: O mei, a wat gött dat nëmmen!

Michelle: Papp, ech muss dir dat erklären!

Dobausse rubbelt et un der Dir. Zweek Poliziste kommen eran!

Polizist 1: Moien! Wunnt hei d'Famill vum Michelle?

Stevie: ... a vum Stevie!!!

Mamm: D'Police an eisem Haus! A wat sollen d'Nopere soen? O mei, a wat gött dat nëmmen!

D'Mamm fällt schwaach!

Polizist 2: Do, elo läit se do! A wat solle mir dann elo maachen?

Polizist 1: Ruff d'Ambulanz!

Polizist 2: Soll ech d'Ambulanz ruffen!

Polizist 1: 112, du Dabo, an e bëssen dalli!

Polizist 2: *Hien telefonéiert*

112, du Dabo, an e bëssen dalli!

Hien hänkt an a kuckt Polizist 1. Hie wénkt déck zefridde mam Kapp!

Polizist 1: Jo hues du hinnen da net d'Adress gesot! Déi wëssen dach elo net, wou se hifuerer solle mat der Ambulanz!

Polizist 2: Ah, du mengs, ech hätt d'Adress misse soen!

Polizist 1: Natiirlech, du Topert!

Polizist 2: Nëmmen, ech weess d'Adress och net vun hei! Weess du se?

D'Mamm kennt nees zou sech a steet op.

Polizist 1: Ech weess se och net! Mee fro d'Madame, si wunnt hei, si weess se bestëmmt!

Polizist 2: Madame, kënnt Dir eis wann ech gelift Är Adress soen?

Mamm: Firwat braucht dir dann eis Adress, Monsieur?

Polizist 2: Madame, Dir leit do um Buedem, Dir braucht eng Ambulanz!

Polizist 1: Ma Dir leit jo guer net méi um Buedem! Dir sidd erem gesond!

Polizist 2: Ma dann ass jo alles an der Rei! Komm mir kënne goen!

Polizist 1: Äddi, an entschëllegt d'Stéierung!

Michelle: An de Roger?

Polizist 1: Wien ass Roger?

Stevie: Jo, wien ass iwwehapt die Roger?

Michelle: Ma de Roger, dien, dien aus der Schoul fortgelaf ass!

Polizist 2: A jo, wou ass de Roger?

Papp: Kommt sëtzt iech emol dir Hären, da kënne mir a Rou iwweh déi Saach schwätzen.

Polizist 1: Villmools merci, mäin Här. O mei, wat ass dat eng Keelt dobaussen!

Papp: Maréchen, maach dienen zwee Hären elei emol eng Taass Kaffi!

Polizist 2: A villmools merci, esou ass et flott nom Roger ze sichen!

Michelle: Wësst dir wou de Roger ass?

Papp: Ma Michelle! Looss déi Hären elo emol a Rou hire Kaffi drénken! Wëllt dir och en Teller Zopp; méng Fra huet der nach vun de Mëtteg Rescht!

Polizist 2: A do soe mir net nee!

Michelle: Ma dir musst dach nom Roger sichen!

Papp: De Roger huet Zäit! Hien ass vum selwe fortgelaf, da wäert hien och erem vum selwen eremkommen. Gudden Appetit, dir Hären!

D'Mamm bréngt d'Zopp!

Polizist 1: A wat schwammen do Mettwurschten dran! Ah, ee Genoss!

Tomuspel: Michelle, komm séier!

Papp: Heit, dir Hären, hei hutt dir och nach e gudde Patt! Allez, loosst iech et gutt schmaachen! Maréchen, bréng de Wäin erbäi!

Komuspel: Michelle, séier, du muss eis hëllefen!

Polizist 2: A nach e Patt! De Roger, dien huet Zäit!

Stevie: Jo, dien huet Zäit!

Romuspel: Michelle, dajee! Komm schonns!

Michelle: An de Roger?

Stevie: Ma die soll bleiwen, wou de Peffer wisst!

Papp: Allez, op de Späicher mat dir! Stéier déi Häre net bei hiren Ermëttlungen!

10. Alles oder näischt!

D'Michelle kënnt ausser Otem um Späicher un. D'Muspele waarde schonns op hatt.

Komuspel: Séier Michelle, komm mat!

Michelle: Wouhin?

Tomuspel: Bei de Garzoch!

Michelle: Nee, do fäerten ech!

Romuspel: An de Roger?

Michelle: Wat ass mam Roger?

Komuspel: Wëlls du him hëllefen oder net!

Michelle: Natiirlech wëll ech him hëllefen! Awer wéi, sot mir wéi ech him soll hëllefen!

Romuspel: Komm mat, mir ginn un dem Garzoch säin Haff am Muspelland.

Michelle: Ech wëll net, ech fäerten!

Tomuspel: An elo séier, denk un de Roger!

Michelle: Ech, ech,...

Am Muspelland ass et mëttlerweil ganz schwaarz ginn. De Garzoch sëtzt mat séngen Zaldoten am Krees, de Roger läit gefesselt am Eck, d'Moler, d'Jongleuren an d'Dänzer sinn am Prisong!

Michelle: Hei ass jo alles schwaarz! Wou si mir hei?

Garzoch: Ah eis Muspelen, sidd der elo endlech hei, ech hu laang misse waarden. An ech hunn dat guer net gär, wann ee mech waarde léisst!

Michelle: Dir sidd Verréider, dir hutt mam Garzoch verhandelt!

Komuspel: Fir de Roger an d'Konschtemaacher ze retten, ass eis näischt anescht iwweregbliwwen, Michelle!

Michelle: Wat soll ech dann hei?

Garzoch: A, Michelle, déi Tollpatschen hunn dir iren nach net verzielt, firwat dass du hei bass! Ma da lauschter elo gutt no! Ech, die grouse Garzoch, sinn e Spiller! Ech fuerderen d'Gléck ganz gären eraus! Ech ginn dir eng Chance, fir däi Kolleg ze retten!

Michelle: Eng Chance! Schwätz méi däitlech, Schwaarzen!

Garzoch: Wann et dir geléngt, däi gréissten Dram Wiirklechkeet ginn ze loossen, da maachen ech mech aus dem Stéps! Da kanns du de Roger mathuelen, dann ass d'Land vun den Dreem, d'Muspelland, nees faarweg a lieweg, an d'Konschtemaacher si fräi.

Michelle: Du bluffs!

Garzoch: Hei ass méng Hand drop!

Michelle: Ech weess et net?

Komuspel: Allez, Michelle, mir hu keng aner Wiel!

Tomuspel & Romuspel: Alles oder näischt, allez Michelle!

Michelle: Dajee, ech maache mat, alles oder näischt!

Garzoch: Gutt Michelle, da verrot eis elo däi gréissten Dram!

Michelle: Mäi gréissten Dram?

Garzoch: Jo, däi gréissten Dram! Mir hu jo ausgemaach, dass du däi gréissten Dram solls Wiirklechkeet gi loossen, wanns du de Roger fräi kréie wëlls!

Michelle: Ech traue mech net,...

Garzoch: Allez, Michelle: Alles oder näischt!

Michelle: Ech weess et net!

Garzoch: Ech hu schonns ze laang gewaart! An ech hunn et net gär, wann ee mech waarde léisst! Da looss et sinn, Michelle! So dem Roger äddi!

Muspeln: Eerad fueren!!!!

Schwaarzerten: Eerad fueren?

Muspelen: Jo, Eerad fueren!!!!

Schwaarzerten: Wat?

Tomuspiel: Dem Michelle ...

Komuspiel: ... säi gréissten Dram ...

Romuspiel: ... ass ...

Muspelen: Eerad fueren!!!!

Garzoch: Hunn ech richteg héieren?

Michelle: Jo, ech wollt ëmmer eng Kéier Eerad fueren, mee ech traue mech net!

Garzoch: Michelle, alles oder näischt! De Roger, d'Konschtemaacher an d'ganzt Land vun den Dreem, wann et dir geléngt, op dësem Eerad ze fueren.

Tomuspiel: Allez Michelle!

Roger: Weis hinnen, waats du kanns!

Romuspiel: Gleef un däin Dram!

Komuspiel: Maach et, du kanns et!

➔ **ZIRKUSSHOW!!!**

A) Intro

Garzoch: Dajee Michelle, déi Wett gëllt! Wann et dir geléngt, hei am Zirkus vun den Dreem, hei, am Zirkus vum Muspelland, um Erad ze fueren, dann hues du gewonnen, dann ass d'Muspelland gerett, d'Konschtemaacher si fräi an de Roger därerf nees mat heem! An ech, Michelle, an ech verschwannen da fir ëmmer aus dem Land vun déngen Dreem. Da brauchst du net méi ze färten, dann ass et ni méi schwaarz!

B) Jonglerie

- 1) An hei si se nees, séier wéi de Wand, aus de Steppe vu Balamanenka: déi wëll Reideren op hiere Pogoën!
- 2) Och dëst Joer nees derbäi: D'**Fichés**-Familily!

- 3) An hei kommen se: eis Jongleure mat hieren hopsende **Bäll!** E Riesenapplaus fir si!
- 4) An hei komme schons **Diaboloen.** E richtegt Kultinstrument fir all cool jonk Leit!
- 5) En décke Bravo fir all eis Artisten! (Alles vun der Bühn)
- 6) Begréisst elo mat eis, aus China fräsch op den Dësch: D'**Tellerjongleuren!**
- 7) Et ass bal net ze gleewen an trotzdeem ass et wouer: Hei sinn d'Leit mat de **Keelen!** Bravo!!
- 8) Loosst Iech net dronke maachen: Eis Kënschtler hun alles am Grëff! A weider geet et mat engem neie Rekordversuch mat de **Reefer!** Ennerstëtzt wann ech gliwt eis Artisten!

C) Variété

- 9) An elo vill Spass mat eisen dräi Clownen: Klunnes, den Drop an den Derwidder!
- 10) Dir Damen an dir Hären, elo fir d'éischt an der Show vun eisem Zirkus: de Rola Bola.
- 11) Applaus fir de **Marc,** dien op dem Rola Bola e Knuet a sech selwer mecht!
- 12) Fir iech jongléiert de **Pol** elo um Rola Bola - esou eppes huet d'Welt nach net gesinn!

E) Breakdance

- 13) Och eisen Zirkus geet mat der Zäit: Dofir elo nei an eisem Programm: déi fantastesch Breakdance-Show mam DJ Banana!
- 14) En décke Bravo fir déi fantastesch Breakdance-Show mam DJ Banana!

D) Finale: Akrobatik:

- 15) An elo komme mir zur grousser Finale: D'mega Akrobatik-Show mat der ganzer Zirkus-Equipe! Dir Damen an dir Hären, dir dürft roueg matklappen fir eis Artisten ze ennerstetzen!
- 16) Net kräische Meedercher, Autogramme gött et herno bei der Sortie! Elo biede mir iewer all eis Kënschtler op d'Bühn fir eis ägyptesch PYRAMIDEN!!! Haalt den Otem un, net bloossen, net houschten, soss fällt dëst wackelegt Gebei zesummen! Hëlleft mat engem groussen Applaus!!

E) Eeradshow:

Garzoch: Bravo Michelle. Du hues et gepackt! Du hues et fäerdeg bruecht, aus dengen Dreem a Wënscht d'Wiirklechkeet ze maachen. Elo brauchst du näischt méi ze fäerten, elo kanns du alles errechen op der Welt! D'Konschtemaacher si fräi, d'Muspelland gött nees faarweg an de Roger ka nees heem! An eech, ech verschwannen aus dengen Dreem! Äddi Michelle, maach et gutt!...

11. No der Zirkusshow:

a. An der Schoul

Joffer: Michelle wéi ass dat méigleg? Du hues eng Eins an dénger Prüfung! Wanns du esou weider fiers, brauchst du net sätzen ze bleiwen!

Michelle: Joffer, dat waren d'Muspelen!

Joffer: D'Muspelen? Wat verziels du mir do?

Michelle: D'Muspelen hu mech geléiert, datt wann ee ganz fest u séng Dreem gleewt, een alles op der Welt erreche kann!

b. Doheem bei den Elteren:

Mamm: Eist Michelle bleiwt net sätzen, wéi ass dat méigleg?

Michelle: Mamm, dat waren d'Muspelen! Si hu mech geléiert, datt ee ganz fest u séng Dreem gleewe muss, da kann een alles erreechen op der Welt!

Mamm: Dat verstinn ech net!

Michelle: Dat ass d'Woueregt iwwert der Leeder! Du muss un d'Land vun der Fantasi gleewen an dann alles maachen, datt aus der Fantasi, also dénge Wënsch an Dreem d'Woueregt gëtt!

Papp: Michelle dorops musse mir prosten!

c: Doheem beim Stevie:

De Stevie kënnt d'Rutschbahn erfgerutscht.

Stevie: Michelle, du wars super, wéi's du do uewen mam Eerad gefuer bass! Wéi hues du dat nëmme gemaach?

Michelle: Stevie, dat waren d'Muspelen. Si hu mech geléiert, datt ee muss ganz fest u séng Dreem gleewen, da kann een alles erreechen op der Welt!

Muspelen: Mee d'Gleewen geet net duer! Du muss och eppes dofir maachen!

Lidd 4: Let your dreems come true

1. Intro:

Looss keen Dram gro, maacht e faarweg,

mool en aus, maacht e faarweg,

huelte de Pinsel, et ass ni ze schued,

dro déck op, wëll dat ass vill méi flott.

Bridge: Hiew kéng Anscht wëll du bass et wärt
Glew un dech da kanns du alles maachen op der Welt
alles maachen op der Welt

2. Strophe:

Déng Dreem sinn alles was du hues
Lauschter op si, si soen dir ganz lues
Déng Dreem si weisen dir wat's du denks
Lauschter op si kuck net noriets net no lenks
Si komme bei dech ganz lues an der Nuecht
Pass gutt op, soss hëls du si net an Uecht
Si danzen em dech fir dir ze so'n,
datt alles Woueregt gëtt, du muss et just wo'n

Bridge: Hiew kéng Anscht wëll du bass et wärt
Glew un dech da kanns du alles maachen op der Welt
alles maachen op der Welt

Refrain:

Gleew un déng Dreem, gleew un déng Wënsch
wëll nëmme si erlaben dir
fir dech voll a ganz ze liewen

Gleew un déng Dreem, gleew un déng Wënsch
wëll nëmme si ginn dir déi Muecht
fir e Liewe laang ze hoffen

Bridge: Hiew kéng Anscht wëll du bass et wärt
Glew un dech da kanns du alles maachen op der Welt
alles maachen op der Welt

